ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 8. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sozialminister an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An hirer gemeinsamer Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 3404 vun den Hären Deputéierte Jeff Engelen a Fred Keup iwwert de Lipödem schreiwen den Här Sozialminister an d'Madamm Gesondheetsminister: „Zënter 2018 hëlt d'Krankeversécherung d'Käschte fir d'Operatioun vum Lipödem ab dem Stadium 3 en charge op Basis vum Artikel 19, Alinéa 3 vum Code vun der sozialer Sécherheet." Si schreiwen och: „D'Krankekeess huet an de leschten dräi Joer (2018-2020) 18 Autorisatiounen erausginn, fir d'Käschte vun enger Operatioun vun engem Lipödem ab Stadium 3 a Lëtzebuerg ze iwwerhuelen. Dovu goufen 9 Demandë fir e Remboursement erageschéckt an déi ugefale Käschte goufen zu 100% iwwerholl."

An deem Kontext hu mir nach e puer weider Froen un den Här an d'Madamm Minister:

1) Wéi gesäit déi aktuell Situatioun betreffend de Remboursement vun der Krankekeess aus fir Fraen, déi sech bei engem Spezialist am Ausland operéiere loossen?
2) An hirer Äntwert schreiwen d'Ministeren, dass d'Operatioune vun engem Lipödem am Stadium 3 a mam Accord préalable vum Kontrolldokter vun der sozialer Sécherheet (APCM) ganz vun der Krankekeess rembourséiert ginn. Allerdéngs sinn an der Nomenclature, Versioun vum 1.6.2021, d'Tariffer fir eng Operatioun vun den Äerm op 588,80 Euro a fir d'Been op 1.058,10 Euro festgeluecht. Eng Operatioun kascht awer an der Reegel e puer Dausend Euro. Missten deemno déi Tariffer net erhéicht ginn?
3) Kritt de Patient no senger Operatioun eng Lymphdrainage-Behandlung bezuelt respektiv rembourséiert, dëst esouwuel bei enger Operatioun, déi rembourséiert gëtt, wéi och bei enger, déi net rembourséiert gëtt? Ginn hei 100% vun de Käschten iwwerholl, an ass de Remboursement hei ofhängeg zum Stadium?
4) Si weider Therapië virgesi fir d'Behandlung géint ee Lipödem?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742